MOBILITÉIT - MÉI PRAKTESCH

# Nei Elektrovëloe fir de Vël'Ok presentéiert, Kritik vu Vëlosinitiative

Vum Sascha Geoerges | Update: 15.01.2020 22:27 | 9 Commentaire(n)

**Nei Elektrovëloe fir de Vël'Ok goufe presentéiert**

*Dat sinn d'Vëloen, déi verschidde Gemengen am Süde vum Land gratis zur Verfügung stellen. 2019 goufe se knapp 125.300 mol benotzt.*

**Dat sinn d'Vëloen, déi verschidde Gemengen am Süde vum Land, gratis zur Verfügung stellen. 2019 goufe se knapp 125.300 mol benotzt.**

Et ass eng Erfollegsgeschicht. Um Mëttwoch koum en neit Kapital bäi. Déi nei Elektrovëloe fir de Vël'Ok goufe presentéiert.

Méi Fuercomfort, méi praktesch. 55 Kilometer Autonomie. En Display, dee weist wéi voll d'Batterie ass. E GPS fir de Vëlo, wann néideg, erëmzefannen. Bremsen, Motor, Batterie. Alles ass besser bei den neien Elektrovëloen vum Vël'Ok, wéi bei den ale Modeller.

Iwwer 460 Vëloen, bal all elektresch, stinn de Leit den Ament op iwwer 100 Statiounen an 8 Südgemengen zur Verfügung. A weiderer si bestallt. Datt de Vël'Ok der Ëmwelt eppes bréngt, verkéierstechnesch och Virdeeler huet ass kloer. Ma, et gëtt och en sozial Komponent. Eng Ekipp vun 20 Leit vum CIGL Esch ass nämlech fir den Entretien an d'Verdeelen vun de Vëloen zoustänneg.

Déi nei Vëloen sinn ze begréissen. Ma, et feelt awer nach un adequater Infrastruktur, seet d'**Lëtzebuerger Vëlosinititative**. Och wann zu Esch eng Passerell tëscht dem Stadzentrum an dem Quartier Belval geplangt ass.

Och Projeten, wéi den Express-Vëloswee tëscht der Stad an Esch, laanscht d'Autobunn, wier gutt. Ma, et dauert einfach ze laang, bis se ëmgesat ginn. Hei fuerdert d'Lëtzebuerger Vëlosinitiative eng besser Kooperatioun tëscht de verschiddenen Acteuren.

Och op d'Vëlosbréck am Neiduerf tëscht dem Cents an dem Kierchbierg géif ee schonn iwwer 10 Joer waarden. Allgemeng fënnt d'Vëlosinitiative awer, datt an de leschte Jore vill geschitt ass, um Wee zum Vëloland Lëtzebuerg.